GENERALVERSAMMLUNG
« ENTENTE DU CENTRE DES PÊCHEURS SPORTIFS »
vum 10.02.2022 zu Steesel am Fëscherchalet

9 Veräiner ware präsent (19 Leit):
Eech-Pafendall, Hesper, Hollerech, Kirchbierg, Lorentzweiler, Miersch, Moutfort-Méideng, Sandweiler, Steesel
2 Veräiner waren entschëllegt:
Bartréng, Weimeschkiirch

A sénger Usprooch
huet de Präsident Retter Marc eng Gedenkminutt fir ons verstuewen Mëmberen opgeruff.
Merci nach eng Kéier un de Mierscher Veräin fir di virbildlech Organisatioun vun der Coupe du Centre.
Bedauert huet de Marc dat den Hesper Veräin wéinst Mangel u Leit opgehaal huet.
Wahrscheinlech ass e bësse Neid opkomm dat Hollerech de Championstitel gewonn huet, dofir huelen si op der Equipeweltmeechterschaft 2022 zu Ronquières (B) deel ënnert de Motto „Dabei sein ist alles“

Den Tätegkeetsbericht 2021
eng Powerpoint-Präsentatioun, opgestallt vum Sekretär Fux Raymond gouf mat Applaus bestätegt.
De Marc seet Merci fir di flott Präsentatioun an huet gemengt dat mir méi kleng awer dofir besser ginn.

De Keessbericht 2021
vum Keessjee Schertz Raymond gouf, nodeems Keesskontroller Block Jean an Steyer Roger (ass agesprong) Décharge ugefroot haten, mat Applaus bestätegt.
De Keesskontroller Rinnen Marcel war krankheetsbedéngt ofgemellt, mëcht awer weider.
De Block Jean hällt op, den Hesper Veräin gët opgeléist.
De Steyer R. war gewëllt fir dem Block J. séng Charge als Keesskontroller ze iwwerhuelen.
De Marc seet Merci dem Keessjee an de Keesskontroller a seet dat mir finanziell nach e bëssen duerhalen.

Den aktuellen Komitee besteet aus folgend Leit:
Präsident: Retter Marc, Sekretär: Fux Raymond, Keessjee: Schertz Raymond
Beisëtzend: Mousel Claude, Steyer Norbert, Thill Lucien

Coupe du Centre den 18.06.2022
gët organiséiert vun Hollerech, gefëscht gët zu Réimech.
Entäuschung driwwer dat Hollerech bei Geleegenheet vun hirem 75 Gebuertsdag d’Coupe du Centre 2020 Coronabedéngt nët konnt organiséieren.
Fir di nächst 3 Joer ass d‘Coupe du Centre verginn, 2023 (Steesel), 2024 (Eech-Pafendall), 2025 (Hollerech)
Frou heiriwwer soot de Marc dat mir awer eng grouss Famill sinn.

De Beitrag fir d’Veräiner vun bis elo 50,00.- € bleift bestoen.

FLPS Kongress den 20.02.2022 zu Veianen
Den Hansen Jemp huet Erklärungen ginn betreffend di 5 Anträg déi all vun der FLPS gestallt gi sinn, hei geet ët allkéier ëm „Verbesserungen Verbandsinternes Organisatiounsreglement“.
Zumols iwwer den Antrag 1 ass diskutéiert ginn (Sektiounen/Ententen sollen je 1 Mann zur Verfügung stellen am „Erweiterter Zentralvorstand (EWZV)“)
D’FLPS kämpft ëmt d’Iwwerliewen, ët ass schwéier fir weider Leit ze fannen!
No de schroen Iwwerschwemmungen 2021 ass alles gefléckt ginn ausser fir d’Waasser gët näicht gemaach wéi z.B. Fëschbesaatz, d’Natur soll sech selwer erhuelen heecht ët!
Ëmmer méi Veräiner weichen op privat Weieren aus wéi z.B. Carpodromen.

Schlusswuert vum Präsident:
De Marc seet Merci deene Steeseler fir de Sall, dem Hansen Jemp vun der FLPS, de Leit vun de Veräiner a natiirlech och dem Irmchen fir di gutt Fuesendskichelcher, ee Grond firwaat mir sou gäer heihi kommen.
Eng gutt a flott Saison 2022 un Iech all.